
Josy Christen
ILLUSIOUNEN
Geschicht a Regie Guy Geimer
08.10.2026
19h00
Am Kultur- a Veräinsbau
“An der Eech”
Photo © Claude Piscitelli
mam Susy Lentz, Al Ginter a Jeff Schmidt
GEMENG
LEIDELENG

**Eng gesongen a gespillte Satir fir eng Fra an e Mann voller Léift an Haass… Emotiounen… Verlaangeren… vu grousse Gefiller, Dreem an Illusiounenvu Illusiounen… oder awer en Drama**

---

D'Geschicht erzielt vun enger Fra, déi hire Mann verléisst, an dovunner wéi déi Zwee mat der Situatioun an hiren Emotiounen ëmginn. Dës Geschicht, eng gesonge Satir, gëtt op eng lëschteg awer och emol nodenklech Manéier mat Lidder vum **Josy Christen** opgefouert.

Interessant ass et fir ze gesinn, datt ee mat Lidder, déi virun allem fir Revue a Cabaret bestëmmt waren, eng komplett aner Richtung aschloen kann.

D'Texter vum Josy Christen goufen deelweils vum Erny Delosch vertount oder sinn op bekannte Melodien opgebaut. Vill vun dëse Lidder sinn haut „al Schanken" anerer dogéint sinn och haut nach klassesch Evergreens a wäerten et och bleiwen. Awer fir eis Geschicht, e Konzept vum Guy Geimer, passen se alleguerten ewéi d'Fauscht op d'A.

**Et spillen a sangen d'Susy Lentz an den Al Ginter**
**Musikalesch gi si begleet vum Jeff Schmidt**
**D'Bünebild ass vum Marc Maas**
**D'Regie mécht de Guy Geimer**

---

**Parking:**
Kultur- a Veräinsbau an der Eech & Faarwekëscht.
Kommt am beschten zu Fouss oder benotzt den ëffentlechen Transport.

**Präisser:**
0–6 Joer: gratis
7–17 Joer: 7,50 Euro
18 Joer a méi: 15 Euro

**D'Stéck ass op Lëtzebuergesch an dauert (ouni Paus) 70 Minutten.**

D'Tickete kënnen ab dem **7. September** am Populatiounsbüro op der Gemeng oder online op **www.leudelange.lu** kaf ginn.

Reschttickete kënnen an der Oweskeess kaf ginn.

Organiséiert vun der Gemeng Leideleng an der Seniorekommissioun.
De Catering gëtt assuréiert vun der Seniorekommissioun a vum Jugendhaus.